ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Op de soziale Medien huet sech rezent e Bierger iwwert e Virfall geäussert, deen am Hibléck op d'Koherenz vum Testing op de COVID-19-Virus eng Rei Froen opwerft. Déi genannte Persoun gouf positiv op de COVID-Virus getest; nodeems dëst geschitt ass, krut hie vun engem Vertrieder vum Gesondheetsministère matgedeelt, datt d'Quarantän géif opgehuewe ginn, virausgesat, hie géif an den nächsten 48 a 96 Stonnen zweemol negativ getest ginn.

Nodeems d'Persoun effektiv am genannten Zäitraum zweemol negativ getest gouf, krut hien dunn awer vum Gesondheetsministère matgedeelt, datt en Ophiewe vun der Quarantän trotzdeem net a Fro géif kommen. Vu béide Gespréicher mam Gesondheetsministère gouf iwwerdeems en Toun-Matschnëtt opgeholl.

An deem Zesummenhank géif ech der Madamm Gesondheetsministesch gär dës Froe stellen:

1. Ass effektiv déi genannte Prozedur virgesinn, datt d'Quarantän kann opgehuewe ginn, wann eng Persoun bannent 48 a 96 Stonnen nom positiven Test op de COVID-Virus zwee negativ Tester virweise kann?
2. Beim uewe genannte Virfall ass jo kloer, datt déi betreffend Persoun zumindest eng Kéier eng falsch Informatioun krut. Gëtt et eng Méiglechkeet, wou de Bierger, am Fall, wou hie vun engem Ministère kontradiktoresch Aussoe matgedeelt kritt, en «Arbitrage» ka kréien?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten